

**Lettre ouverte à****Monsieur Dan KERSCH**

Ministre des Sports  
B.P. 180  
L-2011 LUXEMBOURG

**et****Monsieur Claude MEISCH**

Ministre de l'Éducation nationale, de  
l'Enfance et de la Jeunesse  
L-2926 LUXEMBOURG

Roodt/Syre, 18 novembre 2020

Här Minister Kersch, Här Minister Meisch,

Wann de Premier Xavier Bettel a senger Ried zur Lag vun der Natioun unerkennt, dass de Sport wichtig fir d'Gesondheet ass, da wëlle mer deem net widdersprieche. An och wann déi Erkenntnis vu villen, resp. alle Politiker gedeelt gëtt, sou sinn d'Effete vun där Erkenntnis awer net ersichtlech.

Et wier deemno der Regierung hir Pflicht derfir ze suergen, dass Bewegung a sportlech Aktivitéit an hirer Populatioun esou verankert sinn, dass déi hir gesondheetsfërdernd Wirkung entfalten an dem nogewisenen an alarmanten Negativtrend an dësem Beräich entgéint wierke kënnen. Drop ze hoffen, dass dat sech vum selwen astellt wier naiv. Heifir muss eng Gesellschaft derzou ugeleed an déi néideg Attituden a Verhaltensmuster fréizäiteg geléiert ginn. An di eenzeg Plaz wou dat flächendeckend méiglech ass, ass nu ebe mol an der Schoul.

Lo ass et awer esou, dass d'Bewegung an de Sport an der Schoul e seriösen Imageproblem hunn. Während an der éischter Phase nom Lockdown de Schoulsport net méi opgeholl ginn ass, si Mathé a Sproochen als eenzeg wichtig Fächer proklaméiert ginn. A Bewegung a Sport ware während 6 Méint (!) tabu. Esou wichtig ass eis de Sport an deemno och d'Gesondheet an d'Wuelbefanne vun eise Kanner a Jugendlechen, also eiser zukünfteger Gesellschaft.

An och no der Rentrée huet de Schoulsport mat enorme Problemer ze kämpfen. Infrastrukturen déi just nach staark ageschränkt kënnen genotzt gi, féieren

---

dozou, dass massiv Plages horaires feele fir den Unterrecht ënnert uerdentleche Bedingungen duerchzeféieren.

Am Plaz de Schoulsport ze stärke gi weider Stonne gestrach (wéi rezent am LTB). Den Discours wat e jonke Mënsch spéider am Beruff an a sengem Liewe brauch an an der Schoul soll mat op de Wee kréien, endegt an de leschte Joerzénge ëmmer an engem Stonnegerangel am Fächerkanon, verblatzt a geet komplett laanscht d'Realiteit. An anere Wieder: d'Schoul preparéiert de jonke Mënsch gréisstendeels net op säi spéidere Beruff a Liewen. Dee rezent virgestallten "Diplom+" ass heifir dee beschten Indice. Mä leider gëtt et am Sport, an der Bewegung an an der Gesondheet keen zweete Bildungsweg!

D'Lobby vum Schoulsport, deen als Garant fir eng zukünfteg beweegten an aktiv Gesellschaft sollt stoen, ass quasi null an huet weder um politesche Plang nach an de Ministère eng Stëmm. De Budget deen eis Regierung fir Sport a Bewegung all Joer stëmmt schwätzt do och eng kloer Sprooch.

Als Associatioun vun de Sportsproffe weise mir eis doriwwer eraus erstaunt iwwert d'Nouvelle, dass de Poste vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports net méi nei soll besat ginn, nodeems de Rob Thillens a seng verdéngte Pensioun entlooss gouf.

Dobäi ass de Poste vum Sportskommissär (mam Profil "éducation physique et sport" !) traditionell eng wichteg Schlësselplaz an deem Ministère, deen ëmmer vu kompetente Leit besat war, déi en enorme Know-how, Kompetenzen a Qualifikatioune matbruecht hunn an de Sport zu Lëtzebuerg weiderbréngen konnten. Esou e wichtige Poste setzt natierlech och viraus, dass een an där Branche doheem ass, dass een en Abléck an di verschidde Facette vum lëtzebuerger Sport huet an dass een a ville Beräicher, vu motorescher Frëiförderung iwwert Schoulsport, Fräizäit-, Breden- a Gesondheetssport bis hin zum Leeschtungssport forméiert a kompetent ass.

Donieft konnt de Sportskommissär an de vergaangene Joerzénge ëmmer e konstruktiven Austausch op héchstem Niveau tëscht dem Sports- an dem Educatiounsministère sécherstellen.

Esou e Posten net nei ze besetzen oder komplett anescht auszeriichten an op d'Kompetenz vun enger Schlëselfigur ze verzichten, déi och Garant fir eng stringent Kontinuitéit onofhängeg vu politesche Stréim ass, kann aus eiser Siicht net am Sënn vun der lëtzebuerger Sportswelt an eiser Gesellschaft sinn.

An och wann an der aktueller Situatioun de Schoulsport kuerzfristeg vläicht net "systemrelevant" schéngt an eis Wirtschaftsordnung net weesentlech beaflosst, sou wäerte mer awer mëttel- a laangfristeg op e Kollaps vun eisem Gesondheetssystem zousteieren.

---

Mir géifen eis deemno wënschen, dass di zwee Ministèren...

... sech fir de Stelleväert vu Sport a Bewegung géife staark maachen, an dat och an der Schoul,

... de Poste vum Sportskommissär net géifen opginn,

... d'Aktionsfeld vum Sportskommissär géifen och op der Bewegungserzéiung beloossen,

... d'Konditioune vum Schoulsport an der Bewegungserzéiung géife verbesseren

... a verstärkt op Bewegung am Kampf géint di sougenannten Zivilisationskrankheete géife setzen.

A grad an dëser Zäit ginn eis jo leider d'Konsequenze vun engem Gesondheetssystem deen u seng Grenze stéisst, nëmmen ze gutt virun Ae gefouert. Lëtzebuerg brauch eng aktiv a beweegte Gesellschaft, dofir sollte mer elo d'Kaart vu Bewegung a Sport zéien.

3

fir de Comité

Claude SCHUMACHER (President)

